LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Luxembourg, le 9 juin 2020

REÇU
Par Alff Christian , 12:30, 09/06/2020

Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

Service central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

**Concerne : question parlementaire n° 2124 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre en annexe la réponse à la question parlementaire posée par l'honorable Député Fernand Kartheiser.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma parfaite considération.

Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 2124 vum honorabelen Här Deputéierte Fernand Kartheiser**

**Ad 1)**

D'Jugendhaiser ware vu virun der Coronakris bis haut ëmmer operationell. Och wa keng Aktivitéiten am Haus konnte stattfannen, war an ass bis haut déi digital Jugendaarbecht mat de Jonken aus der Gemeng vun de Jugendaarbechter aus dem Jugendhaus iwwer Internet, déi sozial Medien an Telefon assuréiert. Den Educatiounsministère huet am Kontext vun der Réouverture vum Enseignement fondamental op kommunalem an op nationalem Plang en Appel un déi edukativ Strukturen op Gemengenniveau gemaach, fir datt Personal an Infrastrukture kënnen zur Verfügung gestallt ginn.

Den Educatiounsministère huet dono eng detailléiert Bestandsopnam vun de Jugendhaiser gemaach, fir e kloert Bild vun de Ressourcen a puncto Personal an Infrastrukturen no der Ouverture vum Enseignement fondamental ze kréien a fir ze kucken, ënnert welleche sanitäre Konditiounen d'Aktivitéiten am Jugendhaus selwer erëm kënnen ulafen.

Dës Bestandsopnam war d'Basis fir eng progressiv Réouverture vun alle Jugendhaiser bis de Summer 2020 ze plangen. Eng progressiv Réouverture vun de Jugendhaiser wäert ëmmer ënner de jeeweilege sanitäre Konditioune stattfannen, esou wéi se vun der Regierung décidéiert ginn. Dëst bréngt Restriktioune vun den Aktivitéite vum Jugendhaus mat sech an eng flexibel Upassung un déi sanitär Konditiounen. Esou sinn individuell Gespréicher mat engem Jonken am Jugendhaus méiglech, sou wéi och opsichend Jugendaarbecht vum Educateur baussent dem Jugendhaus. Aktivitéite fir gemëschte Gruppen, sou wéi se am Jugendhaus ugebuede ginn, sinn de Moment nach net méiglech aus sanitäre Grënn.

**Ad 2)**

D'Betreiung vun de Jonke gouf zanter dem Ufank vum Confinement iwwer de Wee vun der digitaler Jugendaarbecht, spriech iwwer déi digital Medie, garantéiert. Dëst huet de Jugendhaiser erméiglecht, mat hire Jonken iwwer divers digital Plattformen (z. B. Homepage, eege Facebooksäit, Facebook-Messenger, Whatsapp, Snapchat, etc.) a Kontakt ze bleiwen.

Virum Confinement gouf et schonns eng enk Vernetzung tëscht de Jugendhaiser, wat et erméiglecht huet, wärend dem Confinement en Austausch un Iddien a Betreiungskonzepter ze garantéieren.

Doriwwer eraus ginn déi Jonk vun de Jugendhaiser ëmmer um aktuelle Stand gehalen, wat d'Mesurë vun der Regierung an dëser Kris ugeet. Iwwer déi digital Jugendaarbecht kënnen déi Jonk mat dem edukative Personal sech austauschen an och nofroen, wann hinnen eppes net kloer ass oder si veronséchert sinn.

**Ad 3)**

Den Educatiounsministère gesäit net vir, datt Jugendhaiser sollen zu Betreiungsstrukturen ëmgewandelt ginn. Au contraire ass et wichteg, datt all eenzelt Jugendhaus fir déi Jonk an hirer Gemeng an Ëmgéigend accessibel ass a progressiv seng normal Aktivitéiten nees ophuelen kann.

Fir d'Réouverture vum Enseignement fondamental ze garantéieren, ass den Appel un d'Jugendhaiser erausgaangen, fir mat hirer Gemeng, déi zu 50 % de Finanzement an d'Responsabilitéit vun de

Gebailechkeete vum Jugendhaus dréit, zesummenzeschaffe fir de Fall, wou Personal a Gebailechkeete gebraucht ginn. Deem Appel sinn alleguer d'Jugendhaiser nokomm an hunn hir Hëllef ugebueden. An deene Gemengen, wou op d'Ressourcë vun de Jugendhaiser zeréckgegraff ginn ass, ass den Engagement vun dëse Ressourcë gebonnen un de Fonctionnement an d'Dauer vum Enseignement en alternance, esou wéi en de 25. Mee 2020 en place gesat gouf.

Iwwerdeems ass awer déi digital Jugendaarbecht, eng 1 zu 1 Betreiung fir déi Jonk am Jugendhaus, sou wéi och opsichend Jugendaarbecht an der Gemeng vun all Jugendhaus garantéiert, esou datt déi sozial Aarbecht mam Jonken a Continuitéit ka stattfannen.

**Ad 4)**

Een Deel vun de Jugendaarbechter hëlleft an deene Gemengen mat aus, wou si gebraucht ginn fir an der Kannerbetreiung als Educateur matzeschaffen. De Kontakt mat de Jonken, ënner anerem de fragiliséierte Jonken, ass iwwer d'Präsenz vum aneren Deel vun der Jugendhausekipp assuréiert, déi net an der Kannerbetreiung engagéiert sinn.

D'Gestionnairë vum Jugendhaus sinn invitéiert ginn, fir zesumme mat hire Gemengen ze kucken, wéi eng Affektatioun am sënnvollste fir d'Jugendaarbechter vum Jugendhaus ass, an och esou, datt d'Jugendhaus ka weider operationell bleiwen. Et ass dëst d'Entscheedung vum Gestionnaire zesumme mat der Gemeng.

D'Konventioune vum Educatiounsministère mat den eenzele Gestionnairen a Gemenge si konform zum SAS-Kollektivvertrag gereegelt. Den Educatiounsministère huet eenheetlech Kontrakter ausgeschafft, déi fir all dat Personal gëllen, dat an dem Enseignement en alternance engagéiert ass oder aushëlleft. Et besteet also eng allgemeng an eenheetlech aarbechtsrechtlech Reegelung.